# e-Book

*„D'Welt vun de Bicher steet virun enger grousser Revolutioun! D'Enn vum gedréckte Buch ass nëmme nach eng Saach vu Joren." Sou huet de franséische Maître de Conférence Jean-Marie Lehu am Abrëll an der Nationalbibliothéik orakelt. Auteuren, Editeuren, Bibliothekairen a Librairen ass et kal de Réck erofgelaf an der iwwerhëtzter Salle des Arts. De Claude Mangen war och an d'Nationalbibliothéik a mengt an der Kulturchronik, datt dem Professer vun der Sorbonne seng Zopp net sou waarm giess gëtt, wéi hie se zervéiert huet.*

Claude Mangen

„Je ne crois pas que dans l'histoire humaine, on n'ait pu empêcher une révolution. On a pu la retarder, mais pas l'arrêter", sou de Maître Jean-Marie Lehu um Ufank vu sengem Exkurs. Datt d'e-Book sech wäert duerchsetzen, ass kloer, freet sech just wéini et dat gedréckte Format iwwerhëlt. Och wann een et net géing fir méiglech halen, 40 Joer well gëtt et d'Buch op digitalem Support. Deemools haten awer déi mannst Zougang dozou. Dat huet sech mëttlerweil rasant geännert. Enn 2009 waren dräi Millioune Bicher online, dovun zwee Drëttel, déi viru 1923 publizéiert goufen, Texter op deenen also keng Autorerechter méi gëllen. De Verkaf vun digitale Bicher war 2007 an Amerika just mol 1 % vum ganzen Emsaatz. Zwee Joer drop 3,3 % – wat natierlech ëmmer nach vill manner ass wéi dat traditionnelt Buch. Trotzdem eng Augmentatioun vun 300 %!

Mir kënnen also keng passif Observateure bleiwe vun dëse grousse Mutatiounen, déi ronderëm eis passéieren. Vill méi heescht et, déi wirtschaftlech Kris notzen, fir an d'économie numérique z'investéieren, sou de Fazit vum Conférencier Jean-Marie Lehu. Seng Missioun war, fir den Nolauschterer op ganz didaktesch Manéier an d'Matière anzeféieren an de Professionnellen aus dem Sekteur, déi quasi all vertruede waren, den Impakt vun dëser Revolutioun virun Aen ze féieren. Mat Fakten an Zuelen huet de Professer den Däiwel op den Ecran projezéiert. Niewend den techneschen, ekonomeschen an och ekologeschen Avantagen hu besonnesch dem Lehu seng gesellschaftlech Dimensioune vum e-Book mech iwwerzeegt. Fir de Consommateur vu muer, déi jugendlech Clientèle, ass d'Presenz vun engem Text um Ecran eng Realitéit, mat däer Kanner vun haut opwuessen. Demno ass de Wee zum digitale Buch e ganz selbstverständlechen an natierlechen. Eng Spezifizitéit vun dëser „Société Ecran" ass d'Ongedold. Direkten Zougang zu allem, a w.e.g och nach gratis. De Lehu nennt dëse Phänomen „Société Impatience" a „Génération tout gratuit"!

De Präis vum traditionnelle Buch klëmmt permanent, de Präis vum technesche Support mat digitalem Inhalt ass dogéint décroissant. Dobäi kënnt eng Philosophie vun der Dématérialisatioun, wou kee Pabeier a keng Tënt méi solle verbëtzt ginn. Gratis Musek eroflueden ass fir vill Jonker normal, haut schonn amerikanesch Serien iwwer Internet kucken, déi muer eréischt op eisen Télés-Chaine gewise ginn, ass Alldag. Firwat soll e Student sech net iwwer Internet déi Bicher eroflueden, déi hie brauch fir säi Studium. Wikipedia ass längst eng Referenz fir vill. A wat d'Editioun vun Inhalter ugeet – Chats, Blogs oder Forume si laang schonn eng Form vu Self-Publishing. D'e-Book ass well längst Realitéit, an dat ass gutt esou. Stelle mer eis drop an, a profitéiere mer also vun dëser grousser Offer.

Fir dëser Entwécklung dat traditionnellt Buch entgéint ze halen, ass a mengen Ae falsch. E Buch aus Pabeier an der Hand halen, dru richen, d'Deckele fest upaken, oder duerch e Bicherbutték goen an d'Atmosphär genéissen, dat alles kann dee performansten Ecran net ersetzen. Brauch en och net. Fir mech ass d'e-Book keng Konkurrenz, mä eng Ergänzung. Oder net? Eréischt zanter et Computere gëtt, boomen d'Papéterie mat raffinéiertem Schreifgeschier sou richteg. De Moleskin gëtt et nees, zanter mer all eis Geschäfter iwwer I-Phone regelen. Jo souguer déi gutt al Vinyls-Plak ass haut méi trendy wéi déi almoudesch CD. Sou gesinn ass dat traditionnelt Buch déi wierklech Zukunft. ◆

*De Claude Mangen ass Programmkoordinator beim radio 100,7.*
*Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer*

*Kulturchronik vum 26.4.2010*